N°137
Entrée le 27.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

De 25te Februar 2022 ass dat neit Denkmalschutzgesetz a Kraaft getrueden. Nom Artikel 18 vum Gesetz kann all Interesséierten an all Organisatioun eng Demande de Classement fir ee Gebai un de Minister schécken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandes de Classement sinn an de leschte fënnef Joer beim Kulturministère agaangen? Wéi vill dovu koume vu Besëtzer vun de Gebaier, wéi vill vu Gemengen a wéi vill vun Drëttpersounen?

2. Wéi vill vun den Demanden hunn zu engem Classement gefouert, opgeschlësselt no deem, vu wiem d'Demande agereecht gouf?

3. An der Äntwert op d'Fro 7511 krute mir d'Informatioun, dass eng Klassementsprozedur am Schnëtt tëschent 6 a 24 Méint dauert, jee no der Envergure vum Dossier.
   Wéi vill Demandë sinn aktuell en Cours de Traitement?
   Wéi vill waren et der zum Stand vum 31te Mäerz 2023?

4. Kann de Kulturmininister bestätegen, dass all Besëtzer, deem säi Gebai sollt klasséiert ginn, eng Intention de classement zoukomme gelooss krut, sou wéi den Artikel 19 vum Denkmalschutzgesetz dat virgesäit?

5. A wéi ville Fäll gouf d'Intention de classement virun engem Geriicht kontestéiert a mat wat fir engem Effekt? Wéi vill Prozedure sinn aktuell virum Verwaltungsgeriicht?

6. Wéi vill Gebaier, fir déi eng Demande de classement virlouch, konnte besicht ginn a wéi vill konnten net besicht ginn an aus wéi enge Grënn?

   Wat gesäit d'Prozedur vir, wann ee Besëtzer net bereet ass, fir d'Experte vum INPA an d'Gebai eranzeloossen? Wéi oft ass dat an de vergaangene fënnef Joer virkomm?

7. Ginn et aktuell Gebaier, déi vun den Experte vum Ministère an INPA als wäertvoll betruecht ginn an déi verfalen, well hier Besëtzer net un engem Erhalt interesséiert sinn? Wa jo, wat gëtt

ënnerholl fir de Verloscht vun deene Gebaier ze verhënneren?

8. Wéi eng Strofen si virgesinn, wann ee Besëtzer trotz enger Demande oder Intention de Classement säi Gebai verfale léisst oder zerstéiert? Wéi vill Mol ass dëst an de vergaangene fënnef Joer virkomm?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°137
Entrée le 29.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 137 vum 27. Dezember 2023 vum Här Deputéierte Ben Polidori**

1. Tëschent Januar 2019 a Januar 2024 goufe 558 Demanden agereecht. Dovunner sinn der 159 vun de Besëtzer selwer ausgaangen (oder op d'mannst vun engem vun de Besëtzer am Fall vun enger Copropriëtéit), 279 vun Drëttpersounen an 120 vu Gemengen, woubäi d'Gemenge meeschtens och selwer Proprietaire vum Gebai sinn.

2. 460 Dossieren hunn zu engem Klassement gefouert (60 vu Gemengen, 141 vun de Proprietairen an 259 vun Drëttpersounen).

3. Am Moment sinn 318 Dossieren an enger Klassementsprozedur. Den 31. 2023 Mäerz waren 393 Dossieren an der Maach.

4. Den Artikel 19 vum neien Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 bezitt sech ob de Patrimoine archéologique. Et sinn d'Artikele 25 an 131 vun dësem Gesetz déi hei spillen.

   Am Kader vun der Prozedur vum Inventaire scientifique (Art. 25) ginn d'Besëtzer iwwert eng Enquête publique forméiert.

   Bei der Protektiounsprozedur vum Art. 131 (Chapitre 13 Dispositions transitoires) gëtt e puer Méint virum Klassement eng "Intention de Classement" un all Besëtzer geschéckt. Zousätzlech dozou gëtt, e puer Woche virun dëser Intentioun, och nach eng "Annonce d'Intention de Classement" un all Besëtzer verschéckt (ausser am Fall wou e Gebai extrem menacéiert wier). Dëst, well eng Intentioun schonn d'Effete vum Klassement mat sech bréngt a well dowéinst d'"Procédure administrative non contentieuse" respektéiert muss ginn.

5. Dräi Dossiere bei deenen eng "Intention de Classement" kontesteiert gëtt si viru Geriicht.

6. An deene meeschte Fäll kann eng Visitt vu bannen duerchgefouert ginn. Zanter dem Akraafttriede vum neie Gesetz, hunn a ronn 30 Dossieren d'Proprietairen en Accès refuséiert, dat aus perséinleche Grënn.

   D'Artikelen 23 an 131 vum Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 gesi fir, datt de President vum Bezierksgeriicht den Accès kann autoriséieren, dat op Ufro vum Kulturminister. Bis haut ass nach keng Ufro gemaach ginn, dat virun allem, well scho genuch Grënn fir eng Protektioun vu bausse konnten zréckbehale ginn.

7. Wa festgestallt gëtt, datt e klasséiert Gebai menacéiert ass, kënnen d'Artikelen 38 an 39 vum Denkmalschutzgesetz ugewannt ginn. D'Besëtzer gi vum Kulturminister ugeschriwwen a kréie matgedeelt, datt de Staat um Gebai kann intervenéieren, dat och géint hire Wëllen, mat enger Autorisatioun vum President vum Bezierksgeriicht.

   Wa festgestallt gëtt, datt e schützenswäert Gebai amgaangen ass ze verfalen, kann de Kulturministère eng Protetkiounsprozdur aleeden.

   Am Moment sinn eng Rei Besëtzer a sou Fäll kontaktéiert ginn, an den INPA (Institut national pour le patrimoine architectural) ass am Austausch mat hinne fir eng konziliant Léisung ze fannen.

8. D'"Intention de Classement" ass mam neien Denkmalschutzgesetz agefouert ginn, d.h. am Februar 2022. D'Dispositions pénales stinn an den Artikelen 115-120 vun dësem Gesetz.

   Op Basis vun dem alen Denkmalschutzgesetz an den duerchgefouerte Protektiounen ënnert deem neie Gesetz koum et an de leschte fënnef Joer zu 10 Meldunge vum INPA un de Procureur général d'État. An engem Dossier huet de Parquet ugesicht.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2024

De Kulturminister

(s.) Eric Thill